

MEGAFUESEND ZU DÉIFFERDENG

4. / 5. / 6. März 2011

D'Stad Déifferdeng, an Zesummenaarbecht mat sengem Comité des Fêtes a véier lokale Veräiner, organiséiert déi 4. Editioun vum Fuesweekend „MEGAFUESEND zu Déifferdeng“ dat vu Freides, de 4. bis Sonndes, de 6. März 2011 am Zentrum vun Déifferdeng.

MEGA FUESEND 2011 zu DEIFFERDENG

Fuesfreideg, de 4. Mäerz

FUESPARTY am grouse Fesztelt op der Moariplaz
mam Orchester **SOUNDEXPRESS**

SPÄSCHEL GÄST: **DIETER - D**



Fuessamschdeg, de 5. Mäerz Fesztelt & eng Hellewull Café'en

CLOCHARD'S-BAL
Top-Stëmmung mam grouse (Ex-Jong-Linster-Orchester) **15 MUSEKER**
GINTA FIESTA ORCHESTA
dem Orchester **TOXIC** an dem **Käpt'n Ändä & Matrous K1000**
feat. **Sandy & the Hüettes**

Fuessonndeg, de 6. Mäerz am grouse Fesztelt vu 15-18 Auer

Mini CLOCHARD'S-BAL

INFO: WWW.MEGAFUESEND.LU
Virverkauf: www.e-ticket.lu - Service culturel vun der Stad Déifferdeng - Tel.: 58 77 1-1900

Organisation:






FUESPARTY, Freides de 4. März 2011

Fuesfreideg, de 4. März geet et lass mat der FUESPARTY am grouse Fesztzelt op der Moartplaz zu Déifferdeng. Dee beschtbekannte 5-Mann-Orchester **SOUND-EXPRESS** ameséiert d'Fuesgecken mat suuper Fuesmusek. Derniewt ass deen Owend den Optrëtt vum **DIETER-D**, den absolute Party-Kinneg vu Lëtzebuerg. Hien présentéiert seng gréisste Party-Hits, souwéi säi neie Fueshit: ...ma sécher daat!



CLOCHARD'S-BAL, Samschdes de 5. März 2011

Fuessamschdeg feiere mer dee grouse **CLOCHARD'S-BAL**, dat am Fesztzelt op der Moartplaz, wéi och an enger Hellewull Café'en a Bistro'en am Zentrum vun Déifferdeng.

D'Crème de la Crème vu lëtzebuerger Orchesteren gi sech deen Owend op der Bühn d'Klensch an de Grapp.

Dorënner dee professionnelle,

15 Musiker staarke **GINTA FIESTA ORCHESTA**



(Ex-JANG-LINSTER-FUESORCHESTER) mat hirem Chef a Leadsänger AL GINTER.



Dee selwechten Owend garantéieren och dëst Joër nees den Top-Orchester **TOXIC** souwéi de **Käpt'n Ändä, säi Matrous K1000 a Sandy & the Hüettes** allerbescht Fuesstëmmung !



Den Entréespräis ass sou wéi déi lescht Joër'en onverännert bei nëmme 5€ am Virverkaf an 10€ an der Oweeskeess. Ticket'en kritt der am Service Culturel vun der Stad Déifferdeng an op der Internetsäit www.e-ticket.lu.

CASH AN D'TÄSCH

Niewt enger zolitter Gratistombola, gi Freides Owees am Festzelt jeweils 4x150.- € um Entréesticket verloust!

PARKING

Parkméiglechkeeten ginn et ronderëm den Zentrum vun Déifferdeng, dat um Parking du Contournement an um Parking Hall La Chiers. Op der Autobunn A13 – Sortie 3 weise Schëlde de Wee fir op déi richteg Plaz ze kommen.

Während deenen zwee Owender fueren och déi 3 Linnen vum DIFFBUS gratis bis 3.30 Auer Moies!



Mini CLOCHARD'S-BAL » Fuessondeg de 6. März 2011

Dëst Joër ass déi 2. Editioun vum « **Mini CLOCHARD'S-BAL** », Fuessondeg, de 6. März tëscht 15.00 an 18.00 am Festszelt op der Moartplaz.



Fir nëmmen 2,50.- € ka Grouss a Kleng sech formidabel ameséieren. Ons zwee DJ'en Remo a Rom animéieren d'Kanner a leeën déi schéinste Fuesplakken op. Verzaubert ginn ons Butze vum Papa Chico. Dernieft ginn et vill flott Präisser ze gewannen.



MEGAFUESEND 4./5./6. März 2011 zu Déifferdeng !

Weider Detailer fannt dir op www.megafuesend.lu oder beim Service Culturel vun der Stad Déifferdeng, 5 rue du Parc Gerlache, L-4574 Differdange oder per Tel. 58771-1900, culturel@differdange.lu.

